

Esch/Uelzecht, den 3. Abrëll 2020

Léif Schü勒innen a Schü勒,

Ech hoffen, di lescht 3 Wochen Enseignement à distance waren fir iech produktiv an där konnt dovun profitéieren fir eng Rei Deeler vum Examens-Programm ze widderhuelen.

Gëschter huet de Minister an enger Presse-Konferenz di grouss Linnen duergeluecht, wéi et elo no der Vakanz géif weider goen. Wéi ze erwaarden war **wäerten d'Schoulen och no der Vakanz nach zou bleiwen, an zwar viraussichtlech emol bis den 3. Mee nach mat**. Ob et dono weider geet muss an deenen nächsten Wochen op der Basis vun der Evoluitioun vun der sanitärer Kris entscheet ginn, mais zu dësem Zäitpunkt gesäit et esou aus, wéi wann mer de 4. Mee nees géifen op "richtegt" Schoul halen eriwwer goen.

Haut krute mer en Dokument vum Ministère geschéckt wou eng ganz Rei Präzisiounen dra stinn, wéi di annonciert Mesuren sollen an d'Praxis ëmgesat ginn. De geneeën Wuertlaut vun den Dispositiounen, déi iech betreffen fannt dir hei hannendrun. Ech erlaben mer awer iwwert dëse Wee e puer Saachen besonnesch ervirzehiewen respektiv méi am Detail ze erklären:

**De Minister geet weiderhin dovun aus, dass den Examen wäert stattfannen.** Mais och wann d'Schoul de 4. Mee nees ugeet **ass net garantéiert, dass all Fach vum 2. Semester ka mat enger Nott ofgeschloss ginn**. Dofir sinn 3 Zeenarien opgestallt ginn fir deem Rechnung ze droen. Ier déi Zeenarien awer applizéiert ginn gëllt et ze kucken, dass all d'Schüler do wou et Sënn mécht nach eng Prüfung sollen schreiwen. D'Kommunikatioun vum Ministère gesäit vir, dass d'Conseils de classe sech sollen concertéieren fir e Prüfungs-Plang fir de Schluss vum Semester opzestellen. Déi Conseilen wäerte mär och fir direkt no der Vakanz aberuffen, an da kritt der déi néideg Informatiounen zu de Prüfungen, déi nach op iech wäerten zou kommen esou séier wéi méiglech matgedeelt.

**Bis de 15. Mee musst der dann d'Resultater vun deenen Prüfungen kennen fir iech fir eng vun deenen Optiounen hei hannendrun ze entscheiden.** Dee Choix gëtt pro Fach gemaach a léisst sech folgendermoossen resuméieren:

**Wann är Nott am 2. Semester manner gutt ass wéi déi vum 1. Semester, dann**

- wíelt der entweder d'Nott vum 1. Semester als Jores-Nott. Dee Moment zielt d'Nott vum 2. Semester guer net.
- oder där entscheet iech fir tëscht dem 18. an dem 20. Mee nach eng zousätzlech Prüfung ze schreiwen. Wann der dee Choix maacht, dann zielt déi Prüfung och an är Jores-Moyenne gëtt aus den Notten vum 1. an vum 2. Semester gerechent.

**Wann där am 2. Semester keng Méiglechkeet méi hat fir eng Prüfung an engem Fach ze schreiwen well keng Zäit méi dofir do war, dann kënn dir iech entscheiden,**

- just d'Nott aus dem 1. Semester ze zielen. Dat ass dee Moment d'Jores-Nott.
- tëscht dem 18. an dem 20. Mee eng Prüfung an deem Fach ze schreiwen, an da gëtt (wéi och beim Zeenario virdrun) d'Moyenne vun deenen 2 Semesteren gerechent fir d'Jores-Nott ze kréien.

Sou oder sou musst dir fir iech entscheiden, wat am Beschten passt. Mär wäerten spéitstens den 15. Mee bei iech op der Klass laanscht kommen, dass dir **de Choix kënn schrëftlech festhalen. Wann dee Choix bis gemaach**

**ass, da gëllt en**, an da kënnst der net méi decidéieren, wann di zousätzlech Prüfung bis geschriwwen ass an d'Nott iech net gefällt awer nach en anere Choix ze treffen.

Et sief nach dobäi gesot, dass tëscht dem 18. an dem 20. Mee maximal 3 Prüfungen kënnen geschriwwen ginn.

Wann an engem Fach schonn en Oral am 2. Semester sollt gemaach gi sinn, da kann deen net eleng als Semester-Nott zielen, vu dass en jo zu 25% soll mam Écrit verrechent ginn. Dofir muss och eng schrëftlech Nott virleien, entweder well nach eng Prüfung virum 15. Mee geschriwwen gëtt oder well eng Prüfung tëscht dem 18. an dem 20. Mee geschriwwen gëtt. Eréischt wann en Écrit an deem Fach do ass kann den Oral vum 2. Semester och consideréiert ginn.

E Méindeg (den 6. Abrëll) kënnst op [eSchoolBooks](#) stoen, wéi d'Programmer vun deenen eenzelen Fächer ugepasst gi sinn, a wéi den Examen elo wäert oflafen. Déi Dokumenter, déi dir do fannt sinn u sech fir d'Enseignanten geschriwwen a sinn eventuell net bis an de leschten Detail einfach ze verstoen. Zéckt dofir net, fir bei ärem Enseignant nozefroen.

Ab dem 20. Abrëll wäerten är Enseignanten och nei Inhalter mat iech iwwert den Enseignement à distance behandelen. Déi Inhalter wäerten net méi dëst Joer ofgepréift ginn, mais sinn awer wichteg fir iech beschtméiglech op en eventuellen Uni-Studium virzubereeden a sollen dofir net ganz op der Säit gelooss ginn. Och wann den Examen am Moment fir iech Prioritéit huet, sou kënnst och nach eng Zäit dono, an op déi gëllt et virbereet ze sinn.

Am Numm vun der Direktioun drécken ech iech d'Daumen, dass der dëst Joer nach beschtméiglech wäert kënnen ofschléissen.

Denkt drun iech un d'Reegelen vum „social distancing“ ze halen a bleift gesond!



Patrick Straus  
Direkter

# CLASSES TERMINALES

## EXTRAIT DE LA COMMUNICATION DU MENJE AUX ENSEIGNANTS DU 3 AVRIL

Dans les classes terminales, de nouvelles matières seront traitées dès la reprise de l'enseignement à distance afin d'assurer que les élèves n'accumulent pas un retard qui serait préjudiciable à leur parcours universitaire. Comme pour les autres classes, l'évaluation des activités réalisées dans le cadre de l'enseignement à distance se fera de manière formative ; **des épreuves certificatives ne pourront avoir lieu qu'après la reprise des cours et jusqu'au 14 mai au plus tard**. Il s'ensuit qu'un devoir en classe ne pourra être rédigé dans toutes les disciplines. Dès la fin des vacances de Pâques, la direction convoquera en vidéoconférence les conseils de classe pour fixer le calendrier des devoirs qui pourront avoir lieu.

### Examen de fin d'études secondaires

Dans le contexte de l'examen de fin d'études secondaires, le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse tient à souligner que :

- les questionnaires à l'examen de fin d'études porteront uniquement sur la matière effectivement traitée en classe jusqu'à la suspension des cours ;
- la prise en compte des résultats de l'année scolaire ne se fera pas au détriment des élèves.

## LE PROGRAMME D'EXAMEN ET LES QUESTIONNAIRES

Pour chaque discipline, le **programme d'examen** adapté aux circonstances actuelles pourra être consulté par tous les intéressés – élèves et enseignants – sur la plateforme **eSchoolbooks** à partir du lundi 6 avril 2020 (rubrique : Examen 19-20 Update). Les **modalités d'examen** telles qu'elles ont été élaborées par les équipes de rédacteurs-experts en concertation avec les présidents des commissions nationales de l'enseignement secondaire y figurent également : nombre et type de questions, critères d'évaluation et répartition des points, durée de l'épreuve.

## LA PRISE EN COMPTE DES RÉSULTATS DE L'ANNÉE SCOLAIRE

En classe de 1re, les notes finales – qui déterminent pour chaque élève la réussite, l'ajournement ou l'échec – reposent pour un tiers sur les notes annuelles et pour deux tiers sur les notes obtenues à l'examen. La note annuelle dans une discipline constitue la moyenne des notes semestrielles.

Le premier semestre a été clôturé le 17 janvier 2020 ; les notes semestrielles sont donc disponibles.

Les modalités selon lesquelles les activités pédagogiques du deuxième semestre pourront être prises en compte sont les suivantes.

**Pour chaque discipline ou matière, l'élève choisira au plus tard le 15 mai l'une des trois options suivantes :**

1. La note du premier semestre est considérée comme note annuelle.
2. La note obtenue le cas échéant au deuxième semestre constitue la note semestrielle. À la demande de l'élève, un devoir en classe optionnel pourra être rédigé dans un maximum de trois disciplines au cours de la semaine du 18 mai 2020 (18, 19 et 20 mai) ; la note du devoir optionnel est mise en compte avec la note déjà obtenue pour le calcul de la note semestrielle.
3. Pour le cas où aucun devoir n'a pu être organisé jusqu'au dernier jour de classe,

- un devoir en classe optionnel pourra être rédigé à la demande de l'élève dans un maximum de trois disciplines au cours de la semaine du 18 mai 2020 (18, 19 et 20 mai) ; dans ce cas, la note obtenue au devoir en classe optionnel constitue la note semestrielle ;  
ou
- la note du premier semestre est considérée comme note annuelle.

Les choix de l'élève sont contraignants.

Les **conseils de classe** se réuniront le 22 mai 2020 pour procéder aux opérations de fin de semestre ; les épreuves écrites de l'examen débuteront le 25 mai 2020.

## DÉCISIONS

Les épreuves écrites et orales terminées, les commissions d'examen se réuniront pour décider quels candidats sont admis, refusés, ajournés ou doivent passer des épreuves complémentaires ; **les critères sur lesquels reposent les décisions sont inchangés** par rapport aux années précédentes.